N°4525
Entrée le 23.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

CSV
AN DER CHAMBER

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 23. Juli 2026**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministesch weiderzeginn.

D'Schwéngsproduktioun zu Lëtzebuerg ass zënter Jore mat wirtschaftlechen Erausfuerderunge konfrontéiert. Wärend d'Produktiounskäschten hei am Land zu deenen héchsten an Europa zielen, orientéiert sech d'Präisbildung gréisstendeels un den Entwécklungen op den auslännesche Mäert, besonnesch un der däitscher VEZG-Notéierung. Rezent ass dës Kotéierung op 1,40 €/kg gefall, an dat ausgerechent an enger Period, déi traditionell als favorabel fir d'Schwéngefleeschproduktioun gëllt.

Gläichzäiteg schéngt sech den Trend fortzesetzen, datt ëmmer manner Schwäin zu Lëtzebuerg geschluecht a veraarbecht ginn, wärend e groussen Deel vun der nationaler Produktioun exportéiert gëtt an den Handel verstäerkt op importéiert Fleesch zeréckgräift. Dës Entwécklung werft Froen op iwwer d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Schwéngsproduktioun, der Liewensmëttelsouveränitéit an der Wierksamkeet vun de Mesuren zur Stäerkung vun de regionale Produktiounsketten.

An deem Kontext géif ech der Madamm Landwirtschaftsministesch gär follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d'Zuel vun de Schwäin, déi zu Lëtzebuerg gehal respektiv geschluecht ginn, an de leschten zéng Joer entwéckelt?
- Wéi héich ass den aktuelle Selbstversuergungsgrad beim Schwéngefleesch, a wéi huet sech dësen an de leschte Joren entwéckelt?
- Wéi vill vun den zu Lëtzebuerg produzéierte Schwäi ginn am Land geschluecht a veraarbecht, a wéi vill ginn exportéiert?
- Leien der Regierung Donnéeën iwwer d'Origine vum Schwéngefleesch vir, dat zu Lëtzebuerg vermaart gëtt?

    - Wa jo, wéi huet sech den Undeel vu lëtzebuergeschem, importéiertem an am Ausland veraarbechte Fleesch an de leschte Joren entwéckelt?
- Wéi bewäert d'Regierung déi aktuell wirtschaftlech Situatioun vun de lëtzebuergesche Schwéngsbetriber?
- Wéi vill Betriber hunn an de leschten zéng Joer d'Schwéngsproduktioun opginn?
- Wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung schonn ëmgesat oder plangt si nach, fir d'Kompetitivitéit vun der lëtzebuergescher Schwéngsproduktioun ze stäerken an d'Veraarbechtung an d'Valorisatioun vu lëtzebuergeschem Schwéngefleesch am Land ze förderen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Jeff Boonen**

**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4525 vun dem éierbaren Deputéierten Jeff Boonen**

- **Wéi huet sech d'Zuel vun de Schwäin, déi zu Lëtzebuerg gehal respektiv geschluecht ginn, an de leschten zéng Joer entwéckelt?**
  Laut de Resultater aus der Erhiewung iwwer d'Struktur vun de landwirtschaftleche Betriber ass de Schwéngsbestand vun 93.312 Déieren am Joer 2016 op 67.426 Déieren am Joer 2025 gefall (-27%). Am selwechten Zäitraum sinn d'Schluechtunge vu Schwäin insgesamt vun 177.654 Déieren op 107.962 Déiere gefall (-39%).

| Joer | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Unzuel Schwäin** | 92 312 | 96 761 | 91 736 | 84 065 | 85 048 | 82 367 | 78 119 | 67 459 | 67 661 | 67 426 |
| **Schluechtungen**[1] | 177 654 | 157 949 | 159 924 | 158 284 | 144 369 | 148 169 | 149 098 | 128 897 | 116 258 | 107 962 |

[1] Schluechtunge vun eenheemeschen an importéierte Schwäin zu Lëtzebuerg insgesamt
Quell: SER

- **Wéi héich ass den aktuelle Selbstversuergungsgrad beim Schwéngefleesch, a wéi huet sech dësen an de leschte Joren entwéckelt?**
  De Selbstversuergungsgrad beim Schwéngefleesch läit 2024 bei 56,7%, Date fir 2025 sinn aktuell nach net verfügbar. Säit 2016 beweegt en sech an engem Beräich vu ronn 67% bis 53%, woubäi een beuechte muss dass am selwechten Zäitraum och de Konsum vu Schwéngefleesch zeréckgaang ass, wat de Réckgang vum Selbstversuergungsgrad ofschwächt:

| Joer | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Selbst-versurgungsgrad** | 65,1% | 66,6% | 63,4% | 57,1% | 58,3% | 58,8% | 58,3% | 52,8% | 56,7% |
| **Pro Kapp Verbrauch (kg)** | 39,0 | 37,5 | 37,0 | 36,0 | 36,3 | 34,9 | 33,6 | 31,0 | 29,9 |


Quell: SER

- **Wéi vill vun den zu Lëtzebuerg produzéierte Schwäi ginn am Land geschluecht a veraarbecht, a wéi vill ginn exportéiert?**
  Am Joer 2025 sinn 92.388 eenheemesche Schwäin an de Schluechthaiser geschluecht gi vun insgesamt 107.962 Schluechtungen. Et goufen 49.606 Schwäin exportéiert, méi beim Export kann een allerdéngs net tësche lëtzebuergeschen an auslännesche Schwäin ënnerscheeden. Wou d'Veraarbechtung vun de Schwäin déi am Land geschluecht gi stattfënnt, ass net bekannt.

| Joer | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Schluechtungen**[2] | 133 442 | 123 061 | 119 343 | 117 822 | 113 830 | 115 448 | 114 850 | 98 975 | 98 020 | 92 388 |
| **Export** | 60 679 | 64 188 | 61 374 | 45 777 | 52 364 | 48 136 | 41 478 | 37 248 | 47 946 | 49 606 |

[2] Schluechtunge vun eenheemeschen Schwäin an de Schluechthaiser
Quell: SER

- **Leien der Regierung Donnéeën iwwer d'Origine vum Schwéngefleesch vir, dat zu Lëtzebuerg vermaart gëtt?**
  An de Versuergungsbilanzen sinn Informatiounen zu de Schluechtungen, Importer an Exporter vu Schwéngefleesch verfügbar.
  - **Wa jo, wéi huet sech den Undeel vu lëtzebuergeschem, importéiertem an am Ausland veraarbechte Fleesch an de leschte Joren entwéckelt?**
    D'Entwécklung vun de Schluechtungen, Importer an Exporter vu Schwéngefleesch (Equivalent Karkassegewiicht) säit 2016 weist, dass d'Schluechtunge vun 48% op 40% falen, den Import vun 52% op 60% klëmmt an den Export relativ stabil bei 18% bleift. Beim Export kann een allerdéngs net tëschen lëtzebuergeschem an auslänneschem Fleesch ënnerscheeden. Date fir 2025 sinn aktuell nach net verfügbar.





Quell: SER, STATEC

- **Wéi bewäert d'Regierung déi aktuell wirtschaftlech Situatioun vun de lëtzebuergesche Schwéngsbetriber?**

  De Schwéngssecteur kennt wéi bal keen anere landwirtschaftleche Secteur Héichten an Déiften. Nodeem 2023 an 2024 iwwerduerchschnëttlech Präisser, souwuel fir Fierkele wéi och fir Mastschwäin, erzielt goufen, an Reserve konnten opgebaut ginn, louch de Präis am Joer 2025 erëm op engem Niveau, dee mam laangjäregen Duerchschnëtt vergläichbar war.

  Am Joer 2026 leien d'Präisser ënner dem laangjäregen Duerchschnëtt. An de leschte Woche war de Präis, souwuel bei de Fierkelen ewéi och bei de Mastschwäin, esou niddreg, datt et, no Schätzunge vum SER, fir den Duerchschnëttsbetrib knapp gewiescht dierft sinn, seng variabel Produktiounskäschte mat dem Erléis vum Verkaf vu senge Schwäin ofzedecken an d'Betriber duerfir eventuell op hier Reserve hu missen zeréckgräifen. Duerch d'Tatsaach, datt d'Betriber eng gewësse Reserve haten an d'Period vu ganz niddrege Präisser bis elo relativ kuerz war, misst den duerchschnëttleche lëtzebuergesche Schwéngsbetrib dës Situatioun wirtschaftlech kënne meeschteren.




Quell: SER

- **Wéi vill Betriber hunn an de leschten zéng Joer d'Schwéngsproduktioun opginn?**

  Laut der Erhiewung iwwer d'Struktur vun de landwirtschaftleche Betriber hunn am Joer 2016 100 Betriber uginn, dass se Schwäin halen, am Joer 2025 waren et der nach 70. Deemno hätten 30 Betriber an dem Zäitraum mat der Schwéngsproduktioun opgehal, dobäi sollt een awer zwëschent de verschiddene Gréisstekategorien vu Betriber ënnerscheeden. Wärend d'Unzuel vu Betriber mat manner wéi 100 Schwäin (wourënner och "Hobbybetriber" a "fermes pédagogiques" falen) vun 48 op 39 Betriber erofgaang ass, gouf et bei de Betriber mat 100-999 Schwäin e Réckgang vun 24 op 10 Betriber a bei de Betriber mat op d'mannst 1000 Schwäin ass d'Unzuel vun 28 op 21 gefall.

- **Wéi eng konkret Mesuren huet d'Regierung schonn ëmgesat oder plangt si nach, fir d'Kompetitivitéit vun der lëtzebuergescher Schwéngsproduktioun ze stäerken an d'Veraarbechtung an d'Valorisatioun vu lëtzebuergeschem Schwéngefleesch am Land ze förderen?**

  Am Kader vum Agrargesetz vum 2. August 2023 bestinn eng Rei vu Méiglechkeete fir d'Schwéngsproduktioun zu Lëtzebuerg ze ënnerstëtzen an hir Kompetitivitéit ze stäerken.

  Dëst betrëfft notamment d'Investitiounsbäihëllefe fir de Bau vun neie Schwéngsställ, mee och fir d'Renovatioun an d'Moderniséierung vu bestehende Ställ. Heibäi kënne bis zu 40 % vun den Investitiounskäschte förderfäeg sinn. Fir jonk Bauere kann dësen Taux op 55 % klammen.

  Och fir d'Weiderveraarbechtung an d'Valorisatioun vu landwirtschaftleche Produite gesäit d'Agrargesetz entspriechend Ënnerstëtzungsméiglechkeete mat den nämmlechten Tauxe vir. Dës Instrumenter sollen dozou bäidroen, d'Wäertschöpfung an de landwirtschaftleche Betriber ze stäerken an zousätzlech Méiglechkeete fir d'Vermaartung vun de Produiten ze schafen.

Fir déi nächst Programmatiounsperiod si Consultatioune bezüglech neie Moossnamen amgaange gefouert ze ginn.

Lëtzebuerg, den 10. September 2026

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN